N°3712
Entrée le 03.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Am Joer 2025 huet d'Finanzkontroll an Däitschland méi wéi 6 000 Verstéiss géint déi gesetzlech Mindestlounevirausssetzungen festgestallt.

An deem Kontext géing ech dem Här Aarbechtsminister gär follgend Froe stellen:

- Wéi sinn d'Kontrollmechanismen a Lëtzebuerg am Beräich vum gesetzleche Mindestloun organiséiert?
- Wéi gesäit déi aktuell Situatioun a Lëtzebuerg aus wat d'Anhale vum Mindestloun ugeet? Wéi vill Kontrollen a wéi vill Verstéiss goufen an de leschte Joren festgestallt?
- A wéi enge Secteuren oder Beräicher goufen an de leschte Joren am meeschte Verstéiss géint de gesetzleche Mindestloun registréiert?
- Wéi eng präventiv Initiativen oder Moossname ginn et a Lëtzebuerg, fir Verstéiss géint de Mindestloun ze verhënneren?
- Wéi eng administrativ oder penal Sanktioune sinn am Fall vun engem Verstouss virgesinn, a wéi dacks goufen dës an der Praxis applizéiert?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu